

Rapport Referees' Commission - 23.11.2021

Present : Courtois, Frieseisen, Geib, Nesser, Simonelli, Weinzierl, Weber (video)

Entschëllegt : Frieden, Kröpelin

1) **Adoptioun vum Rapport Referees' Commission vum 19.10.2021.**

2) **Fräie Posten an der RefCom :**

An der RefCom ass am Moment eng Plaz frei, fir e Representant vun den Arbitter. 3 Leit hunn sech gemellt, an dofir gëtt an der nächster Arbitterversammlung (18.12.2021) ofgestëmmt.

Nëmmen aktiv Arbitter déi den Dag och present sinn däerfe wäelen, an de Kandidat mat de meeschte Stëmme (majorité simple) gëtt da Member vun der RefCom.

3) **Formatioun nei Arbitter :**

Déi nächst Formatoun fir C-Arbitter (cours inférieure) ass fir den 11., 12. an 13. Februar 2022 geplangt. Den ENEPS huet den Accord ginn, an all Informatiounen (wéi a wou umellen) kënnen an der nächster Zäit op hirem Site fonnt ginn.

SAVE THE DATES !!!

4) **Praktesch Examen :**

E puer C-Kandidaten aus dem 2018 an 2019 C-Cours mussen nach hire prakteschen Examen maachen. D'RefCom kuckt fir adequate Matcher ze fannen an informéiert den ENEPS an d'Kandidaten deemtsprechend.

5) **Rapporte vu rouden a rout-bloe Kaarten :**

Leider goufen a leschter Zäit verschidde Rapporte vun Arbitter ze spéit, guer net oder mat onkoherenten Informatiounen era geschéckt. Fir dat an Zukunft ze vermeiden, huet d'RefCom folgend Strofe virgesinn. Déi 1. Kéier kritt den Arbitter eng Verwarnung, déi 2. Kéier gëtt den Arbitter fir e WE gespaart, an säi Club informéiert. Bei der 3. Kéier kritt den Arbitter eng Geldstrof déi de « frais de match » entsprechen a gëtt net méi agesat, bis dass d'Stof bezuelt ass.

Wat "falsch" Rapporten ugeet, i.e. ee Reegolverstouss duerstellt, gëtt de Rapport och nach vum RCA an Zesummenaarbecht mam Büro vun der FLH annulléiert an d'RefCom an de betreffende Club informéiert. Dëst gëllt natierlech net fir Tatsachenentscheedunge vun den Arbitter (z.B.: rücksichtslos oder besonders rücksichtslos)

6) **Reegelttest an Nominatiounen :**

3 Arbitter hu fir des Saison nach kee Reegelttest gepackt. Si goufe bis elo nach net nominéiert, a ginn och bis no engem gepackten Test net agesat.

Disponibilitéit Arbitter :

3 Arbitter hunn trotz Rappeller keng Disponibilitéit fir déi nächst Méint erageschéckt. D'RefCom schéckt kee Rappell méi, an och déi Arbitter ginn dann ab Dezember net méi agesat, falls d'RefCom keng Dispo. kritt.

7) **Spiller-Arbitter :**

D'RefCom rappelléiert nach eng Kéier un d'AXA-League Arbitter, dass si kee Match spillen däerfen, wann si um selwechten Dag duerno nach AXA-League päifen. Dëst gëllt och fir AXA-League Damë Matcher.

Weiderhi wëll d'RefCom nach eng Kéier drop opmierksam maachen, dass d'Arbitter fir een AXA-League Match sollen +/-1 Stonn virum Match an der Hal sinn.



8) **Delegué :**

D'RefCom ass nach ëmmer op der Sich no Interesséierter fir Delegué ze ginn. Wann dir Leit kennt, da sollen déi sech w.e.g. bei refcom@flh.lu mellen.

Nächst RefCom Méinden den 3. Januar 2022 um 18h30 zu Stroossen